LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
14 MARS 2017

Luxembourg, le 14 mars 2017

Le Ministre des Affaires étrangères et européennes

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, la réponse commune de Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes et de Monsieur le Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire à la question parlementaire n° 2767 posée par l'honorable Député Monsieur Fernand Kartheiser.

Jean Asselborn

Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nummer 2767, vum 14 februar 2017, vum honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser

Zenter Joren ass am Südsudan eng schwéier humanitär Kris amgangen. No verschiddene Reportagen („Jeune Afrique", ënner aneren) muss ee färten, datt d'Situatioun sech nach wieder kéint verschlëmmeren.

An deem Zesummenhang wéit ech dem Här Bausseminister an dem Här Minister fir Entwécklungshëllef dës Froe stellen:

1. **Wéi beuerteelt d'Lëtzebuerger Regierung déi aktuell Situatioun am Südsudan?**

D'Lëtzebuerger Regierung ass extrem besuergt iwwert déi aktuell Situatioun am Südsudan. Trotz den Efforten vun Deeler vun der internationaler Kommunautéit, geet déi vu mënschenhand gemachte Kriis am Land weider. Lëtzebuerg huet de Südsudan säit senger Onofhängegkeet am Joer 2011 ënnerstëtzt an déi humanitär Situatioun an den leschten Joren vun no suivéiert. Obwuel d'Situatioun am Südsudan scho säit Joren extrem precaire ass, huet d'Ausmooss vun der aktueller Hongersnout sech eréischt am Februar richteg ofgezeechent. Déi humanitär Situatioun ass déi schlëmmsten déi d'Land zënter senger Onofhängegkeet 2011 kannt huet. 1,5 Milliounе Leit sinn an d'Nopeschlänner geflücht a bal 2 Milliounе Leit sinn intern deplacéiert. Déi dagdeeglech Gewalttaten an d'Limitatiounen vum Accès duerch déi divers arméiert Gruppe verhënneren dass déi international Hëllef efficace ka verdeelt ginn.

2. Ass Lëtzebuerg an der Hëllef fir de Südsudan engagéiert, eventuell nach iwwer dat eraus, wat am europäesche Kader fir d'Flüchtlingen op der Plaz gemaach gëtt?

Lëtzebuerg ass scho säit Joren mat humanitärer Hëllef am Südsudan engagéiert. Esou huet d'lëtzebuerger Hëllef fir de Südsudan sech 2015 op bal 3.2 Milliounen belaaf. Am Joer 2016 war et ronn 2.5 Milliounen. An deem Kontext ass och ze bemierken datt Lëtzebuerg ee vun de festen Donateuren vum „Common Humanitarian Fund" fir de Südsudan ass, dee vun der UNO (OCHA) gefouert gëtt.

Nieft finanziellen Contributiounen un déi Haapt humanitär Hëllefsorganisatiounen op der Plaz (UNHCR, PAM, CICR) an der Finanzéierung vun Projeten vun vereenzelten ONGe (Caritas an Handicap international), leescht Lëtzebuerg och säit 2012 mam Projet „emergency.lu" een aktiven Beitrag andeems den humanitären Acteuren op der Plaz gratis Satellitenkommunikatioun zur Verfügung gestallt gëtt fir datt si hier Aarbecht kënnen ausféieren. Ee Satellitenterminal ass am Moment nach op der Plaz fir d'UNICEF.

3. Ass dru geduecht, Lëtzebuerger an de Südsudan ze schécke fir op der Plaz Hëllef ze leeschten?

Duerch d'emergency.lu Plattform waren an der Vergaangenheet Lëtzebuerger punktuell op der Plaz fir den gudden Fonctionnement vun dësem Service ze garantéieren. Well dëse Service gutt leeft, ass keen Bedarf do fir am Moment Lëtzebuerger op d'Plaz ze schécken.

Lëtzebuerg denkt och net dru fir an engem aneren Kader Lëtzebuerger an den Südsudan ze schécken. Des humanitär Koordinatioun an Aarbechtsopdeelung gëtt vun der UNO (OCHA) assuréiert an enker Kollaboratioun mat Hëllefsorganisatiounen an humanitären Acteuren. Am Kader vun dëser internationaler Koordinatioun vun der Hëllef ass am Moment keng spezifesch Expertise verlaangt wou Lëtzebuerg kënnt eng plus-value liwweren.

Dofir ass et wichteg datt Lëtzebuerg déi international Hëllefsaktiounen op der Plaz nach weiderhi finanziell an politesch ënnerstëtzt.

4. Gi Lëtzebuerger Persounen oder Associatiounen ënnerstëtzt, déi sech am Südsudan wëlle privat engagéieren oder schonn engagéiert sinn? Wa jo, wéi?

Et léien der Regierung am Moment keng Ufroen vun Privatpersounen fir déi sech wëllen am Südsudan engagéieren.

D'Lëtzebuerger humanitär Hëllef huet awer an der Vergaangenheet Projet'en vun Lëtzebuerger ONGen am Südsudan finanzéiert an wäert dat och weider maachen, falls esou Projet'en virleien.

5. Zeechne sech op internationalem Plang Aktiounen of, fir d'Kris am Südsudan ze stoppen? Wa jo, wat mécht déi lëtzebuergesch Regierung an dem Kontext?

D'Ausmooss vun der Hongersnout ass am Februar bekannt ginn an säit deem hunn all d'Hëllefsorganisatiounen d'Alarmklacken gelaut fir op d'Gravitéit vun der Situatioun opmierksam ze maachen.

Am Kader vun sengen institutionellen Relatiounen an pluriannuellen Accord'en mat den Haapt Humanitären Hëllefsorganisatiounen huet Lëtzebuerg dem UNHCR, dem PAM, OCHA an dem CICR eng Flexibilitéit ginn fir datt si - jee no Besoin an humanitären Krisen - een Deel vun der Lëtzebuerger finanzieller Hëllef direkt op déi Krisen kënnen dirigéieren. An der aktueller Situatioun erméiglecht des Flexibilitéit et dësen Organisatiounen fir direkt op Lëtzebuerger Fongen zréckgräifen an domat hier humanitär Operatiounen am Südsudan an der Kontinuitéit kënnen auszeféieren.

Well d'Rapiditéit vun der humanitärer Hëllef immens wichteg ass, ënnerstëtzt Lëtzebuerg doriwwer eraus och den CERF – den Central Emergency Response Fund vun der UNO. Dëse Fong ass speziell erschaffen ginn ass fir séier an mat wéineg administrativem Opwand direkt um Terrain intervenéieren ze kënnen. Den CERF ass dofir een wichtegt Instrument dat erméiglecht datt humanitär Hëllef esou séier an esou lokal wéi méiglech kann ëmgesat ginn.

Duerch säin Kontakt mat den Hëllefsorganisatiounen suivéiert Lëtzebuerg d'Situatioun op der Plaz. Lëtzebuerger wäert dofir – esou wéi och déi lescht Joren – 2017 substantiell Fongen fir d'humanitär Operatiounen am Südsudan zur Verfügung stellen an dëst op mannst an Héicht vun 2.5 Milliounen Euro.

Falls des Organisatiounen zousätzlech Demanden fir finanziell Ënnerstëtzung un Lëtzebuerg riichten, wäert d'Regierung deenen och Rechnung droen.

Een vun den Schwéierpunkten vun der Lëtzebuerger humanitärer Hëllef sinn sougenannten „vergiessen Konflikter" an „ennerfinanzéiert humanitär Krisen". An deem Kader wäert Lëtzebuerg d'Situatioun am Südsudan och iwwert déi nächst Joren suivéieren an säin Deel zu der internationaler Hëllef bäidroen.